# *Semaine sans pesticides* 2015

## Partizipatioun vun de Gemengen

...OUNI PESTIZIDEN

Lëtzebuerg, den 2. Februar 2015

Léif Membere vum Schäffen- a Gemengerot,

Léif Gemengen,

Am Kader vun der internationaler **« *Semaine sans pesticides* »,** déi vum **20.-30. Määrz 2015** stattfënnt, plangt de *Ministère du Développement durable et des Infrastructures,* zesumme matt de Partner vun der nationaler Campagne « Ouni Pestiziden » eng gréisser Sensibiliséierungsaktioun fir d'Privatbierger zum Thema « Pestiziden an hier Alternativen ». D'Ziel vun dëser Aktioun ass et fir dem breede Publikum, a besonnesch dem Hobbygäertner, op eng flott a konstruktiv Aart a Weis, Methoden an Techniken opzeweise, wéi ee Geméis, Uebst a Blumme fleege kann ouni op Sprëtzmëttel zeréckzegräifen.

**An dësem Kontext rifft d'Campagne d'Gemengen aus dem Grand-Duché op, fir aktiv bei dëser Woch ouni Pestizide matzemaachen, dëst matt gezielten Aktiounen a Festivitéite ronderëm d'Thematik vun de Pestiziden. An der Annex fannt dir Beispiller an Ureegungen zu méiglechen Aktiounen. Mir hëllefen Iech gäre beim Ausschaffe vun Äre Projeten.**

Weist och Dir Äert Interessi un dësem wichtegen an aktuellen Thema a setzt Iech aktiv fir d'Ëmwelt an d'Gesondheet vun de Bierger an Ärer Gemeng an. Déi allgemeng Koordinatioun vun dëser Woch ouni Pestizide gëtt vun der Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.I. (EBL) assuréiert. Aus organisatoresche Grënn géinge mir Iech bieden, ons bis den **2. Määrz** matzedeelen ob Är Gemeng bereet ass bei dëser Aktiounswoch matzemaachen. Mir géifen ons freeë wann mir och Äert Event an onsen « Ouni Pestiziden » Aktiounsagenda androe kënnen. Dofir sot ons Bescheed, wéini a mat wat Är Gemeng sech fir eng Ëmwelt ouni Pestiziden asetze wëll.

Ebl


**Melle kann ee sech bei der Ëmweltberodung Lëtzebuerg:**

**M. Wilwert Michel & M. Nils Leches**
**Mail: info@ebl.lu**
**Tél : (+352) 24 78 68 31 oder (+352) 24 78 68 32**


**Loosst eis gemeinsam aus der Woch ouni Pestiziden eng « Gesellschaft ouni Pestiziden » maachen.**

D'Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l. am Numm vun den Partner vun der Campagne « Ouni Pestiziden » :

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère du Développement durable et des Infrastructures Département de l'environnement

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère du Développement durable et des Infrastructures Administration de la gestion de l'eau

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère du Développement durable et des Infrastructures Administration de la nature et des forêts

Lëtzebuerger Landesverband fir Beienzuucht www.apis.lu

SuperDrecksKëscht®

Ebl

CTF Association Agricole Ligue Luxembourgeoise du Coin de Terre et du Foyer

SICONA

Fließgewässerpartnerschaft Naturpark Our

natur musée mnhn.lu

Naturpark Öewersauer

SICONA

natur&ëmwelt

MAISON DE L'EAU CONTRAT DE RIVIÈRE ATTERT

## *Beispiller vun Aktivitéiten déi eng Gemeng während der « Semaine sans pesticides » organiséiere kann*

Dës Opzielung ass net exhaustiv a sollt just als Denkustouss fir weider Iddien zielen. D'EBL an d'Partner vun der Campagne sinn an enger nächster Phase gäre bereet Iech beim Ausschaffe vu wéideren Aktivitéiten ze ënnerstëtzen oder Iech un Experte wéider ze leeden.

**Punktuell Evenementer:**

- Ausstellung zum Thema. D'EBL verfügt iwwert Ausstellungsmaterial zum Thema « Ouni Pestiziden », dat mir Iech gären zur Verfügung stellen. D'Informatiounsmaterial besteet aus Roll-up Plakater. Dir kennt des Plakater och a Form vun engem PDF Dokument zougeschéckt kréie fir se eegestänneg raus ze drécken. Fir d'Reservatioun vun de Roll-ups gëllt de Prinzip "deen éischten ass vir"!
- Film-an Diskussiounsowender: Virféierung vun interessante Filmer an Dokumentarfilmer. Ee Beispill wär den Dokumentarfilm « More than Honey ». Mir hëllefen Iech och gäre béi der Sich no anere Filmer.
- Porte Ouverte vum Service jardinage/technique wou dem Bierger konkret nobruecht gëtt mat wéi enge Schwieregkeeten esou ee Service am Alldag konfrontéiert gëtt a wéi eng Techniken/Methoden a Solutiounen dësen uwend.
- Offiziell Deklaratioun fir aktiv de Bierger an Entreprisen ze hëllefen, op den Asaz vu Pestiziden ze verzichten.
- Offiziell Deklaratioun fir gezielt ongespëtzt Liewensmëttel bei allgemenge Festivitéiten ze offréieren.
- Publikatioun am Gemengenbuet vun interessanten a flott opbereeten Texter iwwert Pestiziden, Beiestierwen, Aartenvielfalt, Gesondheet.

**Aktivitéiten iwwert puer Deeg verdeelt vir Jiddereen**

- Uleeë vun engem « Smoothie » Kraider/Geméisgard oder Hochbeet ob enger ëffentlech zougänglecher Platz zesumme mat de Crèchen, Schoulen an dem Bierger. Des Aktioun sensibiliséiert a motivéiert de Bierger fir sech och Doheem mat dem Thema ausernaner ze setzen.
- Workshope mat professionelle Gäertner: Wéi léieren ech ee Gaard richteg unzeleeën? Wéi kann ech méi Geméis weider vervillfältegen? Wéi düngen ech richteg?...

**Fir Kanner / Maison Relais/ Crèchen**

- Bastelconcours fir Schoule / Kanner / lokal Kënschtler mat Ausstellung zum Thema
- Uleeë vun engem Geméisgaard an der Schoul, etc.

**Fir Kënschtler**

- Kreative Concours mat Ausstellung zum Thema

**Fir Veräiner**

- Ee symboleschen Akt, eng Aktivitéit, een Evenement fir eng Zukunft ouni Pestiziden

Beim Ausschaffe vun Ären Aktivitéiten sinn Iech keng Grenze gesat ….

4, Place de l'Europe
L-1499 LUXEMBOURG

Compte CCP
IBAN LU54 1111 0612 1710 0000

Tel : (+352) 2478-6831
Fax : (+352) 2478-6841

Internet : www.ebl.lu
E-Mail : info@ebl.lu